LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°3766 vun der honorabler Deputéiert Nathalie Morgenthaler iwwer de Complément pour personnes âgées.**

- *Wéi vill betraffe Persounen hunn zanter dem 2. Januar 2026 eng Ufro fir dës nei Moossnam gestallt? Bei wéi vill vun dësen Ufroe gouf d'Hëllef effektiv schonn ausbezuelt?*

- *Goufen déi betraffe Strukturen (z. B. Alters- a Fleegeheemer) vum Ministère iwwer dës nei Moossnam informéiert? Goufen d'Leit selwer vun de Strukturen oder vum Ministère doriwwer opgekläert? Falls dëst nach net geschitt ass, ass esou eng Informatiounscampagne geplangt?*

- *Ass den Här Minister gewëllt, no engem Joer eng detailléiert Evaluatioun vun dëser neier Mesure virzehuelen ?*

Den neie „Complément pour personnes âgées" (Compa) ass, zesumme mat der neier „Aide financière pour personnes âgées" (Afpa) den 1. Januar 2026 a Kraaft getrueden. Stand 31. Mäerz 2026 hunn insgesamt 782 Persoune vum Compa profitéiert.

De Familljeministère steet generell an engem enkem a reegelméissegen Austausch mat senge Partner a mat de verschiddenen Acteure vum Secteur. Donieft huet de Ministère d'Gestionnairen am Virfeld vum Akraafttriede vum Compa per Bréif dorop higewisen. Donieft gouf d'Entrée en vigueur vun dëser Mesure vun enger breeder Informatiounscampagne begleet, déi souwuel aus engem digitalen Deel besteet, wéi och engem analogen (Radio, Print, Busarrêten etc.)

Fir sécherzestellen, dass dës nei Mesure och hiert Zil erfëllt, wäert de Ministère d'Ëmsetzung an den Impakt vum Compa vun Noem um Terrain suivéieren.

Lëtzebuerg, den 27. Abrëll 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn